ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 18. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un d'Madamm Banneministesch weiderzeleeden.

An engem RTL-Artikel vun haut (18.11) ass nozeliesen, datt an der Gemeng Steesel 24 Klassen a Quarantän gesat goufen. Et wären deemno 375 Schüler a 37 Enseignanten a Quarantän. D'Cellule de coordination hätt déi Decisioun zesumme mat der Santé geholl. Op RTL-Nofro bei der Gemeng Steesel huet et geheescht, et „hätt een Uerder keng Informatiounen erauszeginn."

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi eng Autoritéit(en) huet/hunn den Uerder ginn, keng Informatiounen no baussen ze ginn an aus wéi engem Grond gouf dës Decisioun geholl?
2. Déi betraffen Enseignanten a Schüler sinn aktuell an enger ganz schwiereger Situatioun, well si sech vun haut op muer mussen isoléieren an dobäi kënnt, datt de Schoulbetrib esou normal wéi méiglech viru lafe soll: Ass et an den Ae vun der Regierung net inakzeptabel, datt et och de betraffenen Enseignanten a Schüler verweigert gëtt, Informatiounen ze erhalen?
3. Ass d'Regierung net der Meenung, datt et elo dréngend un der Zäit wier, eng transparent Informatiounspolitik ze féieren, esou datt all déi betraffen Acteuren alles solle gewuer ginn, wat hinnen zousteet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten